Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Eisen Telekommunikatiounssecteur huet rezent aussergewéinlech Pannen a kritesch Situatiounen erlieft, sief et déi rezent Cyberattack bei der Post oder och déi gréisser Panne bei Tango de 5ten August. Nieft villen strategesche Froen déi sech am Kader vun dësen Incidente stellen, sollten och Iwwerleeungen iwwert dei technesch Infrastruktur gefouert ginn.Besonnesch d'Roll vum Reseau RENITA (Réseau National Intégré de Radiocommunication), essenziell fir d'Kommunikatioun vun eise Sécherheets- a Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg, muss evaluéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung kuerz- oder laangfristeg de Reseau RENITA op eng Alternativ ëmzestellen an esou d'Fiabilitéit ze verbesseren ?

2. Falls dat net de Fall ass, kann d'Regierung präziséieren, wéi ee plangt d'Fiabilitéit, d'Sécherheet an d'Resilienz vun dësem essenziell wichtege Reseau weider ze stäerken ?

3. Wéi eng Mesurë sinn am Beräich vun der Cybersécherheet an der Kontinuitéit vum Service vun der Kommunikatioun vun eise Sécherheets- a Rettungsdéngschter geholl ginn a kuerzfristeg geplangt, fir änlech Attacken oder Pannen an Zukunft ze evitéieren ?

4. Wéi rechtfertegt d'Regierung de Recours op privat Operateuren oder och staatlech Entreprisë à but lucratif, wann et ëm kritesch Infrastruktur zu Lëtzebuerg geet ?

5. Ass d'Couverture vum Reseau, dee fir eis Sécherheets- a Rettungsdéngschter genotzt gëtt, um gesamten Territoire un eisem Land (inklusive de ländleche Géigenden) fiabel assuréiert ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten